



Propose fir eng Statutenännerung (Verspriecheentext)

Um Verbandskongress 2018 huet de Verbandscomité en neie Verspriecheentext proposéiert, deen awer vum Kongress verworf gouf. Doropshi gouf en Aarbechtsgrupp „Versprieche“ geschaf, mat der Aufgab dësen Text nach eng Kéier ze iwwerschaffen. Op verschidde Plazen haten d’Cheftainen a Chef d’Méiglechkeet, mat doriwwer ze diskutéieren. Op Basis vun dësen Diskussiounen huet den Aarbechtsgrupp eng nei Propose fir de Verspriecheentext ausgeschafft.

De Verbandscomité proposéiert elo, fir um Verbandskongress den 18 September 2021 de Verspriecheentext vun dësem Aarbechtsgrupp unzehuelen an den Artikel 1.4.2 vun den LGS-Statute folgendermoossen ze änneren :

Aktuellen Text :

1.4.2 Engagement

Ech engagéiere mech,

mäi Liewe sënnvoll ze gestalten a Verantwortung ze iwwerhuelen,

méng Ëmwelt ze respektéieren a mech fir Fridden a Gerechtegkeet anzesetzen,

mech dobäi u Jesus Christus ze orientéieren

an nom Guide/Scoutsgesetz ze liewen.

Neien Text :

1.4.2 Versprieche

Ech versprieche,

Verantwortung vis-à-vis vu mir,

menge Matmënschen a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen,

meng perséinlech Spiritualitéit weider ze entwéckelen

an nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen.



Lëtzebuurger Guiden a Scouten

Art. 5.2 vun de Statuten : Statutenëmännerungen

D'Statute kënnen nëmmen op engem statuteméisseg aberuffene Verbandskongress ëmgeännert ginn.

Propositioune fir Statutenëmännerunge sinn op d'mannst 4 Méint am viraus beim Commissaire général schrëftlech anzereeche. All Propositioune fir Statutenëmännerunge ginn op d'mannst 3 Méint virun dem betraffene Verbandskongress un d'Cheftainen an d'Chef verschéckt.

Bis 6 Woche virum Kongress hunn d'Cheftainen an d'Chef mat Stëmmrecht um Kongress d'Méiglechkeet Amendementer iwwert déi proposéiert Ännerunge beim Commissaire général schrëftlech eranzereeche.

E Reglement leet déi genee Modalitéite vun enger Statutenännerung fest.

D'Statute kënnen nëmmen duerch 2/3-Stëmmemajoritéit vum Verbandskongress ëmgeännert ginn.

Weider Detailler zur Aarbecht vum AG „Versprieche“ an Infoen zu der Propose fir den neie Versprieche text op lgs.lu :



Fir de Verbandscomité,
David Heck
Administratiounscommissaire

Lëtzebuurger Guiden a Scouten

Verbandscomité

5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg

lgs.lu - Email : comite@lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux

**VOYAGES
VANDIVINIT**
Reizen mat Stil

BIL BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1854